



Repis 2017



Wat ass de Repis? Den Numm Repis ass eng Ofkierzung a bedeit « Réseau luxembourgeois de lutte contre la pauvreté et l'exclusion sociale » a gëtt vum EAPN organiséiert.

Dëst d'Joer war de REPIS zu Stengefort am Centre Culturel << al Schmelz >>.

Éier et lassgaangen ass, huet eng Begrëssung stattfonnt vum ale President vum EAPN Gilles Rod a vum Stengeforter Buergermeeschter Jean-Marie Wirth. Hei ass de Moment och genotzt ginn, dem Gilles Rod Merci ze soe fir säin Engagement, deen hien joerelaang beim EAPN bruecht huet. Et war e President, dee mat Häerz a Séil dobäi war an zu Lëtzebuerg vill beweege konnt. Ech hoffen a wënsche mir, dass déi nei Presidentin, Madame Nadia Dondelinger, mat demselwechten Elan a Bëss drubleift. Mat engem klengen Kaddo a mat enger grousser

Abschiedskärtchen, déi dem Gilles Rod senger Gréisst entsprécht, ass hien dunn an seng nächst Funktioun entlooss ginn. Dobäi gouf och de Moment genotzt, fir déi nei Presidentin Madame Nadia Dondelinger an déi nei Funktioun ze begleeten.

D'Redaktioun vun der Stëmm vun der Strooss wënschen der neier Presidentin vill Erfolleg, vill Gléck a vill Ausdauer an hirem neien Job.

Wat fir eng Theme waren et dëst d'Joer ?

- Et ass dat neit d'Gesetz vum REVIS (RMG) virgestallt ginn.
- Wéi gesäit et aus mam Logement zu Lëtzebuerg ?
- D'Aarmut zu Lëtzebuerg bei jonke Leit, Jugendlechen.
- D'Onsicherheit (Prekaritéit) vun der Aarbecht.

Et ass lassgaange mam Programm vum Dag

Vun 9.45 bis 11.45 Auer hunn Diskussiounen an de Gruppe stattfonnt.

Vun 11.45 bis 12.45 Auer war Mëttespaus. An, Leit, ech muss soen, et ass e Menü ginn, do ass engem alles aus dem Gesiicht gefall, esou lecker an erfrëschend. Ech mengen, ech sinn d'nächst d'Joer och erëm dobäi.

Iwwregens, den Numm vun der Associatioun, déi dat leckert d'lesse gekacht huet, ass (Letzsy connections asbl).

De Grupp iwwert dat neit Gesetz REVIS (RMG)

Ech war am Grupp, wou dat neit Gesetz vum REVIS virgestallt ginn ass. Mir haten e Grupp vun 11-12 Leit, déi hire Suerge fräie Laf konnte loosse.

Hei konnten d'Leit froen, wat sech beim REVIS ännert vis-à-vis vum RMG, an si konnten och iwwer hir aktuell Suerge schwätzen. Et war bal all Nationalitéit vertraueden, vu Lëtzebuerg, Portugis, Afrikaner, Syrer an Iraker. Wat een am meeschten héieren huet ass, dass et mam finanziellen Aspekt hannen a vir net duergeet. D'Leit sëtze schonn an der Halschent vum Mound do an hu keng Sue méi. Et kann een emol net soen, hei elo ginn ech an de Kino oder emol eppes iessen. Et huet ee staark dat Gefill, dass ee vun der Gesellschaft ausgegrenzt ass. Mat dem héije Liewensstandard hei zu Lëtzebuerg ass et kee Liewe méi, mee en Iwwerliewen. Et geet schonn un, wann ee fir de ganze Mount iessen akafe muss, da steet een am Geschäft a muss all Produit kucken, ob et nëmme net ze deier ass. Dat huet z.B. den Effekt, dass een all Mount datselwecht iesse muss, et ass engem emol net erlaabt, wéinstens doheem en anstännegen, gesonde Menü ze kachen.

Da wann d'Leit de Loyer bezuelt hunn, bleift esou gutt wéi näischt méi iwwreg. D'Loyere sinn esou héich, dass ee keng Méiglechkeet kritt, fir iwwerhaupt en Appartement ze fannen. Geet ee bei eng Agence immobiliare, an déi gesinn RMG-ATI, dann heescht et „nee, keng RMGisten“. Wat bleift engem dann nach iwwreg? De soziale Wunnengsmaart ass esou iwwerlaascht, dass et Joren dauert, fir iwwerhaupt eng Wunneng ze fannen. Wat bleift de Leit iwwereg ausser Cafészëmmeren???

Wéi schonn ugedeit, waren och Leit aus dem Irak/Iran ënnert ons. Do ass et drëms gaangen, dass et op de Büro Mësstänn ginn, wat dat sproochlecht betrëfft. D'Leit wënschen sech, dass si do méi Ënnerstëtzung kréien, wann z.B. Demanden ze maache sinn oder Gespréicher ze féiere sinn. Do ass och vu béide Säiten nach een Defizit opzehuelen, fir herno e Resultat beim Versteesdemech ze hunn. D'Leit wëllen sech méi séier integréieren a méi séier d'Lëtzebuerg Sprooch kënne léieren, wat och e Problem ass, well et einfach ze laang dauert, bis d'Leit an d'Formatiounen erakommen.

De Grupp vun den Assistante-socialen an d'Educatricen

Hei war et ons Cheffin Sibylla, déi e Workshop gehalen huet. E groussen Echange huet stattfonnt ënnert deene verschiddene Servicer.

Ee vun de Haapttheme war, dass et ëm jonk Leit gaangen ass, déi eréischt vu 25 Joer un den RMG respektiv de REVIS ufroe kënnen. D'Leit kommen aus der Schoul, a wann si elo keng Léier oder Aarbecht fannen, da stellt sech d'Fro, wat maachen? Dat ass ee vun den Themen, wou nach vill Gespréichsbedarf besteet, a wou d'Assistenten an Educatricen sech wënschen, nach méi oft zesummenzekommen, fir vläicht mat neie Virschléi ons Regierung ze motivéieren.

Paul, d'Aarmut vun de jonke Leit

D'Aarmut vun de jonke Leit ass hei a Lëtzebuerg laang ënnerschätzt ginn. Hei si vill jonk Leit, déi sech wënschen, Äntwerten op hir Froen ze kréien an net, dass si vun deem enge Büro an den anere Büro geschéckt ginn.

Et wär e Wonsch vun de jonke Leit,

eng zentral Plaz ze hunn, wou all hir Froe beäntwert kéinte ginn. Et war och e Virschlag vun de Leit, dass méi verschidde Beruffer ugebuede ginn, dass si Méiglechkeete kréichen, sech fir déi richteg Berufsrichtung entscheiden ze kënnen.

Da ginn et vill auslännesch Jugendlecher, déi de Wonsch hunn, méi séier Lëtzebuergesch ze léieren.

Et ass e grouse Wonsch vun onse Jugendlechen, dass et eng Institutioun gëtt, un déi ee geziilt Done maachen kann, déi da fir eng Ënnerstëtzung fir déi jonk Leit agesat ginn. Z.B. e Finanzement vun de Sproochecoursen, d'Virstrecke vun de Käschte fir de Permis asw.

Onse Fotograf, de Georges

De Georges war deen Dag onse Fotograf, deen alles a Biller festgehalen huet. Hien hat de Virdeel, all Grupp ze besichen a bildlech festzehalen. Dobäi huet hie festgestallt, dass et an all Grupp eng aner Atmosphär gouf.

D'Animateuren hunn e gudden Job gemaach, trotzdeem hate verschidde Gruppen Ulafschwierigkeiten, wat sech am Laf vum Dag verbessert huet. Hei hunn d'Leit mat der Zäit d'Angscht verluer an hire Suergen fräie Laf gelooss.

D'Wieder war deen Dag tiptopp, esou dass och schéi Fotoen ënnert dem bloen Himmel gemaach konnte ginn.

Nathalie, de Grupp vum Logement

Onst Nathalie war am Grupp vum Logement. D'Nathalie hat festgestallt, dass den Ufank bei deem Grupp ganz lues an d'Gäng komm ass. Et hunn sech wéineg Persoune fonnt, déi sech zu dem Thema oute wollten.

Schlussendlech ass den Ufank gemaach ginn, an d'Leit hunn ugefaangen, fräi iwwert hir Suergen ze schwätzen. Z.B. war eng Famill do, de Papp, d'Mamm an 3 Kanner, déi laang Zäit an enger eenzeger Kummer hu misse liewen. No langer Dauer an engem hin an hier mat de Behorden ass dunn eng Wunneng fonnt ginn, déi och fir d'Famill bezuelbar ass.

Da war och eng Koppel do, deenen hir Wunneng sou voller Schimmel ass, dass et onméiglech ass, doranner ze wunnen. Hei ass och de Staat gefrot, verschidde Proprietären op d'Fangeren ze klappen.

De Problem, deen am meeschten ugeschwat ginn ass, dass et zu Lëtzebuerg ze wéineg bezuelbare Wunnraum gëtt, fir d'Mënschen, déi finanziell net esou gutt do stinn, a si sinn der Meinung, dass esou séier wéi méiglech eppes geschéie muss, wat de Wunnraum betrëfft.

Marco

